**Le caractère urgent de la question a été reconnu (21.12.2020)**

n° 3351

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

CSV FRAKTIOUN

REÇU
Par Alff Christian , 07:56, 21/12/2020

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

An engem rezenten Artikel am « Spiegel » war gewuer ze ginn datt d'EU wuel net genuch Impfdosisse bei deene Pharmakonzerner bestallt huet déi déi héchsten Effikassitéit virweisen an déi och am séierste kéinte geliwwert ginn, nämlech nach dës Joer. Aner Länner wéi d'USA hunn sech dës Vaccine awer geséchert a kéinten domat e grousse Virsprong hunn wat d'Impfen ugeet par Rapport zu den EU-Memberstaaten. Dëst kéint natierlech nieft dem Effekt op d'ëffentlech Gesondheet och e groussen Impakt op d'Ekonomie hunn, wann Europa nach an engem Zenario vu Lockdowns wier, an aner Länner schonn erëm normal kënne funktionéieren.

Eisen Informatiounen no, sinn eis Nopeschlänner am Gaang ze probéieren Impfdosisse vun dëse Firmen nozebestellen.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann d'Regierung dës Informatioune bestätegen ?
2. Wa jo, probéiert d'Regierung och nach zousätzlech Impfdosisse vun dëse Firmen ze bestellen ?
3. Wann nee, aus wéi enge Grënn ?
4. Ginn et Demarchen op EU-Niveau fir sech nach kuerzfristeg Vaccine vun de concernéierte Firmen ze sécheren ?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Jean-Paul Schaaf
Deputéierten

Claude Wiseler
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 17:36, 23/12/2020

Luxembourg, le 23 décembre 2020

**Réf. :** 835xbfc6f

**Concerne**: Question parlementaire urgente n° 3351 du 21 décembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen, Monsieur le Député Jean-Paul Schaaf et Monsieur le Député Claude Wiseler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire urgente n° 3351 du 21 décembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen, Monsieur le Député Jean-Paul Schaaf et Monsieur le Député Claude Wiseler concernant la "Commande de vaccins contre la Covid-19 par l'Union européenne".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette Lenert
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 3351 du 21 décembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen, Monsieur le Député Jean-Paul Schaaf et Monsieur le Député Claude Wiseler concernant la "Commande de vaccins contre la Covid-19 par l'Union européenne".**

*Kann d'Regierung dës Informatioune bestätegen ?*

D'Regierung ass dës Informatioune iwwert d'Presse gewuer ginn.

Et sief bemierkt dat d'europäesch Kommissioun an de lëschte Méint mat 6 verschidde Laboratoiren Kontrakter fir en Total vun 1,895 Milliarden Impfdosen ofgeschloss huet.

Soumat ass dofir gesuergt datt all Memberstaaten genuch Impfdosen bestelle kënnen fir eng Impfcouverture vun hirer Bevëlkerung ze erméiglechen.

*Wa jo, probéiert d'Regierung och nach zousätzlech Impfdosisse vun dëse Firmenze bestellen ?*

D'Regierung huet sech positionéiert fir déi zousätzlech optionnell Impfdosen bestellen ze kënnen, déi an de Kontrakter déi d'europäesch Kommissioun ausgehandelt huet virgesi sinn. Parallel ass och direkte Kontakt mat deene verschiddene pharmazeutesche Laboratoiren opgeholl ginn.

*Ginn et Demarchen op EU-Niveau fir sech nach kuerzfristeg Vaccine vun de concernéierte Firmen ze sécheren ?*

Déi verschidde Laboratoiren hunn sech dozou verflicht d'Produktioun vun Impfdosen ze beschleunegen mee an engems och d'Regelen de bonnes pratiques fir d'Produktioun vu Vaccinen ze respektéieren. Si si gehalen Liwwerungskalenneren ze respektéieren. E Comité de pilotage op Niveau vun der europäescher Kommissioun an dem all Memberlänner, e.a. och Lëtzebuerg, vertruede sinn, kontrolléiert all Woch op dee Liwwerungskalenner respektéiert gëtt. Doduerch datt parallel Kontrakter mat verschiddene Firmen ofgeschloss gi sinn, kann e kontinuéierleche Flux vun Impfdosen garantéiert ginn wann déi éischt Vaccinen vun der europäescher Medikamentenagence bis autoriséiert sinn.